**ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI**

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 24. August 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Vum 31. August bis den 11. September kënnen d'Schüler aus den ëffentlechen an de private Schoulen, déi den ëffentleche Programm ubidden, sech fir Nohëllefsstonnen aschreiwen, respektiv vun hiren Elteren ageschriwwe ginn.

An deem Kontext wéilt ech dem Här Schoulminister dës Froe stellen :

1. Wéi a wéini goufen d'Léierpersonal, d'Elteren an d'Schüler iwwer d'Méiglechkeet vun den Nohëllefscoursen informéiert ?
2. Wéi vill Kanner a Jonker goufe vun den Elteren fir Nohëllefscoursen ugemellt oder hunn sech selwer ugemellt?
3. Wéi gëtt d'Organisatioun vun den Nohëllefscoursë konkret ëmgesat ? (Wéi eng Acteure sinn dru bedeelegt, a wéi enge Raimlechkeete fannen se statt, gouf ee Schoultransport organiséiert, wéi eng sanitär Virsiichtsmoossname goufe getraff, gëtt et och Nohëllefsstonnen iwwer Video ?)
4. Wéi eng Schoultyppen a Sektioune bidden Nohëllefsstonnen un?
5. Wéi ass d'Demande un esou Nohëllfcoursë prozentual gesinn, an den eenzele Fächer ? Ginn Nohëllefsstonnen an alle Fächer offréiert?
6. Wéi vill Persoune vum brevetéierte Léierpersonal hunn sech gemellt, fir déi Nohëllefscouren ze halen ? Wéi vill Persoune vum zertifiéierten Ersatzpersonal ? Wéi vill Studenten, déi am Kader vun der Covid-Kris rekrutéiert goufen?
7. Wat ass mat all deene Persoune geschitt, déi wéinst der Covid-Kris rekrutéiert goufen an e Vertrag bis d'Enn vun der Schoulvakanz kruten? Wéi vill vun hinne goufe fir wéi eng Aarbecht agesat? Wat ass mat deene geschitt déi net agesat goufen?
8. Wéi steet den MEN zu der Kritik vun der Gewerkschaft SEW/ OGBL déi seet, datt déi wéineg Nohëllefsstonnen de Kanner keng wierklech Chancë géinge ginn, mee datt wärend dem Schouljoer en Appui vu brevetéiertem Personal, wat momentan op detachéierte Plazen agesat ass, misst assuréiert ginn ? (*"Laangfristeg Opfänkmesüre mussen AN der Schoulzäit a WÄREND dem ganze Schouljoer stattfannen. ALL Schüler huet ee Recht drop, déi schoulesch Retarden, déi duerch déi sanitär Kris entstane sinn, an der regulärer Unterrechtszäit mat dofir geschoultem Personal opzeschaffen."*)

9. Wat ass virgesi fir d'Formatiounsdefiziter vu Léierbouwen- a Léiermeedercher opzefänken, bei deenen den Ausbildungsbetrib net konnt schaffen oder déi elo Problemer hunn fir eng Ausbildungsplaz ze fannen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**